ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ministesch fir d'Gläichstellung vu Fraën a Männer weiderzeleeden.

Um Facebook-Site vum Ministère fir d'Gläichstellung vu Fraën a Männer gëtt sech rezent verstäerkt op Artikelen aus der däitscher Press bezunn. Dës Artikele ginn do an hirer integraler Versioun "gepost a gedeelt".

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madame Minister dës Froe stellen:

1) Ass et opportun fir e Lëtzebuerger Ministère fir Beiträg aus Presse-Medien op facebook ze deelen? Op wat fir eng Kritäre gëtt sech bei der Auswiel vun esou Artikele beruff? Wann e Ministère, also eng offiziell Regierungsinstanz, esou en Artikel aus der Press deelt, heescht dat, datt d'Lëtzebuerger Regierung integral de Contenu vun esou Artikelen vertrëtt? Wann net, misst dann net präziséiert ginn, wat fir Deeler aus esou engem Presseartikel vun der Regierung guttgeheescht ginn a wéi eng net?
2) Sollt sech e Ministère net drop konzentréieren, fir seng eege Positiounen a Kommunikatiounen ze verbreeden?
3) Hält d'Madame Minister et fir opportun speziell Artikelen aus dem däitsche "Spiegel" ze publizéieren, dee grad mëtten an der Kritik wéinst der Publikatioun vu falsche Neiegkeete steet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten